**Evangelium vum 1. Faaschtesonndeg (Joer C)**

**Lk 4,1-13**

1 Erfëllt vun hellegem Geescht,
ass de Jesus vum Jordan zréckkomm,
an hien ass vum Geescht an der Wüüst ronderëmgefouert ginn,

2 40 Deeg laang,
an deenen hie vum Däiwel op d'Prouf gestallt gouf.
All déi Zäit huet hien näischt giess,
esou datt hien um Enn hongereg war.

3 Du sot den Däiwel zu him:
"Wann s du dem Herrgott säi Jong bass,
da so dësem Steen, e soll Brout ginn!"

4 De Jesus huet him geäntwert:
"Et steet geschriwwen:
*De Mënsch lieft net nëmme vu Brout.*[a]"

5 Dunn huet den Däiwel hien héich eropgefouert
an him an engem an deemselwechten Ament
alleguer d'Räicher vun der Welt gewisen,

6 an hie sot zu him:
"Dir ginn ech all hir Muecht an Herrlechkeet,
well se ass mir iwwerlooss,
an ech ginn se, wiem ech wëll.

7 Wann s du also elo viru mir nidderfälls a mech ubiets,
da gehéiert dat alles dir!"

8 De Jesus huet him geäntwert:
"Et steet geschriwwen:
*Den Här, däi Gott, solls du ubieden,*
*an him eleng solls du déngen.*[b]"

9 Dunn huet den Däiwel hien op Jerusalem gefouert
an hien op d'Spëtzt vum Tempel gestallt,
an hie sot zu him:
"Wann s du dem Herrgott säi Jong bass,

da gehei dech vun hei erof!

10 Et steet nämlech geschriwwen:
*Hie gëtt sengen Engelen den Uerder,*
*dech ze behidden*,

11 an:
*Op den Hänn droen si dech,*
*fir datt s du dir de Fouss net un engem Stee stéiss.*[c]"

12 De Jesus huet him geäntwert:
"Et ass gesot:
*Du solls den Här, däi Gott,*
*net op d'Prouf stellen!*[d]"

13 Wéi den Däiwel du mat all senge Versuchunge fäerdeg war,
huet hien sech vum Jesus ewechgehal, bis et un der Zäit war.

---

[a] *Dtn 8,3.*
[b] *Dtn 6,13.*
[c] *Ps 91,11f.*
[d] *Dtn 6,16.*